N°7270
Entrée le 30.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.12.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 30. November 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Laut dem Communiqué vun der „Féduse Enseignement CGFP" vum 30. November goufe wärend dem Schouljoer 2021/22 eleng am „Enseignement secondaire" pro Woch an der Moyenne 10.218 Iwwerstonne geleescht, also ronn 370.000 Iwwerstonnen iwwer dat gesamt Schouljoer. Laut „Féduse Enseignement CGFP" wieren den Equivalent dovu knapp 500 Vollzäitposten, déi net besat sinn.

D'Enseignantë kënnen hir geleeschten Iwwerstonnen entweder op hirem Zäitspuerkont (CET) uspueren oder sech eng Indemnitéit dofir ausbezuele loossen. Vill Enseignanten halen et fir méi interessant, d'Iwwerstonnen op den Zäitspuerkont ze setzen, wéi sech eng Indemnitéit dofir ausbezuelen ze loossen. Esou kënne si dës Iwwerstonne zu engem spéideren Zäitpunkt ënner Form vu CET-Congé zréckkréien.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Confirméiert den Här Minister de Verglach vun der „Féduse Enseignement CGFP", laut deem den Total vun den Iwwerstonnen am „Enseignement secondaire" am Schouljoer 2021/2022 knapp 500 eidele Vollzäitposten entsprécht?
- Wéi vill CET-Stonne goufe wärend dem Schouljoer 2021/2022 erageholl – am Ganzen an opgeschlësselt no Fach?
- De Fall gesat, an deene kommende Jore géife ganz vill Enseignantë mateneen eng Demande stellen, fir hir ugespuerten Iwwerstonnen als CET-Congé zréckzekréien, wéi schätzt den Här Minister de Risiko vun engem gréissere Personalmangel an?
- Existéiert um Niveau vum Ministère eng global Iwwersiicht iwwer déi geplangten CET-Congéen?
    - Wa jo, wéi vill CET-Congéë si fir dat lafend Schouljoer geplangt – am Ganzen an opgeschlësselt no Fach?
    - Wann net, firwat net?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7270 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

Am Enseignement secondaire sinn am Schouljoer 2021-2022 effektiv 10.218 Wocheniwwerstonne[1] geleescht ginn. Fir dës Zuel richteg ze interpretéieren, muss een sech viru Verallgemengerungen an Uecht huelen.

Eng Verallgemengerung ass et zum Beispill ze soen, datt all Enseignant ongeféier zwou Iwwerstonnen hält; dëst ass wuel – bei ongeféier 5.000 Enseignanten – eng rechneresch Moyenne, déi awer net der Realitéit um Terrain entsprécht, wou déi eng Enseignantë manner, déi aner méi Iwwerstonne prestéieren.

Grad esou ass et och mat der Zuel vu 500 Posten, déi sech an der Praxis net confirméiert. Dëst kann ee ganz einfach duerch ee Beispill illustréieren. De System vun de Koeffizienten, mat deenen d'Stonne vun de Professere verrechent ginn, mécht et quasi onméiglech, op de genaue Volume vun der Tâche ze kommen, déi muss prestéiert ginn. Ganz vill Enseignanten hunn dofir sougenannten „technesch" Iwwerstonnen, déi net ze évitéiere sinn an sech meeschtens am Beräich vu manner wéi enger Stonn d'Woch situéieren. Déi genannten Zuel vu 500 Posten ass also sécher ze héich gegraff.

Wat de Compte épargne-temps (CET) betrëfft, sou goufen am Schouljoer 2021-2022 all Woch 143,885 Stonnen erageholl; am Schouljoer 2022-2023 sinn et der 206,092. Opgeschlësselt no Fach ergëtt sech follgenden Tableau:

| | ***2021-2022*** | ***2022-2023*** |
|---|---:|---:|
| Allemand A1 | 23,545 | 8,470 |
| Anglais A1 | 4,570 | 14,190 |
| Architecture A1 | 2,500 | 2,500 |
| Biologie A1 | 5,140 | 7,461 |
| Boulangerie B1 | 3,250 | 0,000 |
| Chimie A1 | 2,647 | 9,192 |
| Éducation artistique A1 | 3,000 | 10,360 |
| Éducation physique A1 | 6,000 | 6,010 |
| Électrotechnique A1 | 7,758 | 15,431 |
| Électrotechnique B1 | 8,489 | 8,333 |
| Français A1 | 12,287 | 10,967 |
| Géographie A1 | 3,580 | 7,054 |
| Histoire A1 | 5,200 | 0,000 |
| Infirmier A1 | 3,896 | 2,000 |

[1] Et sief preziséiert, datt – souwuel an der Fro vun der honorabeler Deputéiert, wéi och an der Äntwert – de Begrëff vun de "Stonnen" gebraucht gëtt fir "Leçons" ze bezeechnen.

| | | |
|---|---:|---:|
| Informatique A1 | 1,425 | 9,375 |
| Luxembourgeois A1 | 1,500 | 1,000 |
| Mathématiques A1 | 7,800 | 22,993 |
| Mécanique A1 | 7,000 | 32,868 |
| Mécanique automobile B1 | 9,417 | 0,000 |
| Construct. métallique et mécan. gén. B1 | 0,000 | 6,500 |
| Pédagogie A1 | 0,000 | 1,700 |
| Peinture B1 | 9,072 | 0,000 |
| Physique A1 | 0,000 | 2,161 |
| Voie de préparation A2 | 7,722 | 1,583 |
| Psychologie A1 | 0,000 | 4,000 |
| Sciences écon. et sociales A1 | 8,087 | 20,278 |
| **Total :** | **143,885** | **206,092** |

Duerch de CET geet de Personalbedarf pro Joer an d'Luucht. Well awer de Moment nach net genuch Erfahrungswäerter iwwert d'Verhale vun den Enseignanten a Bezuch op de CET virleien, ass et schwiereg, Prognosen ze maachen iwwert de Risiko vun engem gréissere Personalmangel, deen duerch d'Eranhuelen vu CET-Stonne kéint entstoen.

Wéi aus dem uewen opgefouerten Tableau ervirgeet, besteet um Niveau vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend eng global Iwwersiicht iwwer d'CET-Congéen. Meng Servicer wäerten dës Zuelen am A behalen an de Besoin u Posten deementspriechend upassen.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH